



**Lëtzebuurger
Guiden a Scouten**

association sans but lucratif
reconnue d'utilité publique



Bildsorf
Guide and Scout Centre



Neihaischen
Guide and Scout Centre



Fënsterdall
Scout Campground



LGS shop
by LESSURE
WORKWEAR

Newsletter

1/2020

*Léiwe Member a Frënn vun der a.s.b.l. vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten,
Wéi op der leschter Generalversammlung ugedeit, wëlle mer iwwert d'Joer méi
reegelméisseg Kontakt mat der halen, andeems mer puer mol eng Newsletter
erausginn, wou mer ee kuerzen Iwwerbléck iwwert ons Aarbecht wëlle ginn, déi
dëst Joer jo ganz anescht ofgelaf ass, wéi geplangt.*

Vill Spaass beim Liesen!



Äddi Zampi!

Am Abrëll krute mer déi traureg Nouvelle, dass onse Member vum
Conseil d'Administration, de Gino Zampicini, jiddwerengem als
Zampi bekannt, onerwaart vun ons gaangen ass.

Den Zampi hat no der leschter Generalversammlung d'Charge vum
Tresorier vum Shop iwwerholl a war fréier Member vum Comité
Neihaischen.

Seng wäertvoll Aarbecht, säi villfältegt Wëssen an säin onermiddlecht
Engagement op sëllege Plaze hannerloossen ee grousst Lach. Mir

soen dem Zampi M.E.R.C.I. fir säi geliefte Scoutsengagement an onser grousser Guiden- a
Scoutsfamill.

Ce n'est qu'un au-revoir Zampi ...

Neit LGS-Team

Um Kongress vum Verband
vun de Lëtzebuurger Guiden a
Scouten gouf een neit Team un
d'Spëtzt gewielt. Mam Marc Weis
als Commissaire Général a mam
Angélique Krier als Commissaire
générale adjointe leeden zwee
engagéiert a motivéiert Guiden a
Scouten de Verband.

Mir wënschen hinnen, dem
Verbandscomité an dem ganze
Verbandsgrupp vill Freed a vill Motivatioun bei der Ëmsetzung vun hiren Iddien a Pläng.



Marc Weis

Kuck eran



Angélique Krier



Conseil d'Administration

Zanter der Generalversammlung goufen en et eng Rei Changementer an onsem Conseil d'Administration. Mir hunn de Leo Lutgen vu Péiteng cooptéiert an well een neit Team gewielt gouf, vertrieeden elo de Marc Weis an d'Angélique Krier de Verband an onsem Conseil d'Administration. Hei déi aktuell Zesummesetzung vum Conseil d'Administration:

Eric Eifes | President
Danielle Frères | Sekretärin
Jean-Marie Boden | Tresorier
Luss Hilger | PR
Roland Kolten | President Comité Bilschdref
Lucienne Chapron | Vertrieeder Com. Bilschdref

Dan Godart | President Comité Neihaischen
Jeannot Bourg | Tresorier Comité Neihaischen
Gilbert Schilling | President Comité Shop
Leo Lutgen | Tresorier Comité Shop
Marc Weis | Commissaire général LGS
Angélique Krier | Commissaire générale adj.



Eric



Danielle



Jean-Marie



Luss



Roland



Lucienne



Dan



Jeannot



Gilbert



Leo



Marc



Angélique



Coronavirus

Wéi den 13. Mäerz vun der Regierung de Lockdown decidéiert gouf hat dat och direkt Konsequenzen op d'Aarbecht vun onser a.s.b.l. Vun haut op muer waren d'Chaleten an de Shop zou a mir haten nei Défien.

Direkt am Ufank hat de SIL (Scouting in Luxembourg) ee Bréif un d'Taskforce vun der Regierung geschriwwen, wou déi zwee Verbänn hir verschidden national Zentren zur Verfügung gestallt hunn, also och Bilschdref an d'Neihaischen. Glécklecherweis huet net dorops zeréckgegraff ginn.

D'Chalet bloufe bis Mëtt Juli zou an ons zwou Botzmadamen kruten bis Mee entweder Chômage partiel oder Congé extraordinaire pour raisons familiales. Vu Mëtt Juli kënnen ons Haiser an ons Campplazen neess

verlount ginn, dat awer ënner ganz strikte Konditiounen, déi d'Regierung ausgeschafft hat.

A punkto Shop ass bis Juli och net vill gelaf. Mir haten de Gruppen d'Méiglechkeet ginn iwwert Mail ze bestellen, besonnesch wann Uniformen a Foularde fir déi grouss BA gebraucht si ginn.

Vu Mëtt Juli hunn sech déi verschidden Aktivitéite vun der a.s.b.l. nees méi „normaliséiert“, dëst awer mat den néidegen Oplagen.



1. Mee 2020 op rtl.lu

Duerch Corona konnten och déi traditionell Feieren den 1. Mee um Neihaischen an op Christi Himmelfaart net organiséiert ginn.

Ersat goufen se duerch eng Feier an der Kapell, déi virdrun opgeholl mat enger Rei Acteuren op verschiddene Plaze gefilmt gouf. Eraus koom eng flott Gedenkfeier, déi jiddwereen sech per Videostream vun doheem aus ukucke konnt. Mir sinn houfereg op déi vill positiv Remarquen déi mer vu ganz ville Säiten, wäit iwwert onse Verband eraus, kruten a mir soen nach eng Kéier jiddwerengem Merci, deen dobäi gehollef huet.

Ronn 3.000 mol gouf dës Gedenkfeier iwwert Internet op lgs.lu - rtl.lu - catholic.lu - scotel.lu ugekuckt.



Méi Ëffentlechkeetsaarbecht

Op der Generalversammlung gouf de Conseil d'Administration ëmt ee Chargé fir PR vergréissert an zanterdeem gouf schonns vill realiséiert fir ons asbl no bause méi visibel ze maachen.

Nodeems de Verband eng nei Corporate Identity krut gouf och un onserer geschafft an d'Resultat léisst sech weisen. Esou kruten z.B. déi eenzel Comitéen nei Logoen an zanter engem Joer hu mir ons eege Säit am Platte Knuet.



Och si mer am Gaang ons verschiddent PR-Material zouzeleeën, wéi Roll-Upen, nei Flyeren, Gadgeten, nei Enveloppen, Video-Clippen iwwert d'Chaleten an de Shop, asw.

Neies aus dem LGS Shop

Nodeems zanter Enn leschte Joer Kloerheet iwwert déi nei Corporate Identity vum Verband besteet, huet de Shop nees besser plange kënnen. Vill gouf dru geschafft, dass déi ganz Gamme nees disponibel ass. No der Corona-Paus am Fréijoer, gëtt de Shop zanter dem Summer och nees gutt besicht.

D'nächst Joer soll zu Nidderaanwen een 2. LGS Shop by Lessure opgoen.





Aarbechten zu Bilschdref



2020 ass um Terrain eng nei Feierplaz (op der Foto) gebaut an een Deel vun der Fassad vum Campchalet ugestrach ginn an am Relais ass mat der Ënnerstëtzung vum MENJE eng nei Wäschmaschinn an eng nei Sécherheetsdier installéiert ginn.

Am Fréijoer hunn all d'Gruppen, Covid-19 bedéngt, hier Reservatiounen ofgemellt, mee an der Summervakanz konnten dunn awer 5 LGS-Gruppen nach hire Summercamp um „Terrain de l'Amitié“ ofhalen.

Fir den Hierscht 2020 si verschidde gréisser Renovatiounsarbechten bannen am „Relais de l'Amitié“ geplangt, dessweideren ass och fir den 13. Mee 2021 d'50-Joresfeier vum „Relais de l'Amitié“ virgesinn.

Chantieren um Neihaischen

2017, 2018, 2019 & 2020... dat si véier Chantiersjoren fir e neie Bloc sanitär, e neie grouss Sall mat Kichen an e Lift- an Trapenhaus. Bauen a Guidissem/Scoutissem sinn zesumme gaangen, esou datt de Neihaischen di ganzen Zäit op blouf. Wëll mer elo zwee Duschbléck, zwou Kichen



an zwee Trapenhaiser hunn, kënnen zwee mi kléng oder eng grouss Grupp sech opdeelen esou wéi di aktuell sanitär Moosname vun der Santé et fir Weekender a Campen froen. Vum 14.Juli bis den 13.September 2020 hate mer 4 Journéeë mat 183 Jonker an Erwuessener, 4 Scoutscampen a 4 Jugendkolonie mat am ganzen 1528 Iwwernuechtungen.

No der Summer- an Hierschtsaison 2020 lancéiere mer di läscht Etapp vun eise Chantier: mir baue säitlech u fir méi Stockage am Keller, e moderne Refectoire, eng vergréissert Kiche mat méi Plaz fir Virbereedung, Kachen a Spull. D'Dortoiren déi mer duerch de Lift „verluer“ hunn ersetze mer mat engem néie Schlofberäich an

d'Sanitäreanlage gi frësch gemaach. Och dës kéier bleift de Chalet riichtduerch op fir d'Gruppen di op Besuch kommen. De Chantier soll 2022 fäerdeg sinn.

Fir Reservatioune vu Chalet oder Campplaz kontaktéier w.e.g. de Steve Nicloux op chalet@scotel.lu / 00352 691 43 75 59 oder kuck äis Homepage www.scotel.lu



Budget

Dëst Joer ass kee gewéinlecht Joer an et ass och net esou ofgelaf, wéi geplangt. Dëst huet natierlech seng Repercussiounen op onse Budget, deen zimmlech op d'Kopp gehäit gouf. Während dräi Méint koom bei den Haiser an de Campplazen näischt eran an duerno manner, well d'Haiser nëmmen hallef därefer beluecht ginn. Verschidden Depensen, besonnesch am PR hu mer vun 2021 op 2020 virgezunn.

Finanziell ass d'a.s.b.l. awer gutt opgestallt, esou dass mer bei dësem Punkt gutt duerch d'Crise kommen.

Assemblée Générale Ordinaire *convoquée extraordinairement*

Wéi am Februar op der Generalversammlung ugekënnegt, wëlle mer am Hierscht eng weider Generalversammlung ofhalen. Um Ordre du Jour stinn haaptsächlech den neie Projet Neihaischen, d'Refonte vum Règlement d'Ordre Interne (ROI) an de Budget rectifié 2020.

Esoubal mer den Accord de principe vum Ministère hunn, deele mer den Datum vun der Generalversammlung mat.

Weider Datumer

Hierscht 2020:	Generalversammlung
Mëttwochs de 24. Februar 2021:	Uerdentlech Generalversammlung
Samsdes, den 1. Mee 2021:	1. Mee-Feier um Neihaischen
Donneschdes, den 13. Mee 2021:	Kiermes zu Bilschdref mat 50-Joerfeier

Donen

Och weiderhi kënnt Dir ons mat engem Don ënnerstëtzen, sief et fir ee vun den Haiser, oder fir d'Aarbechte vun der a.s.b.l. am Allgemengen. D'Done kënnen vun de Steieren ofgesat ginn.

Ons Kontosnummere sinn:

Relais & Terrain de l'Amitié Bilschdref: LU37 0019 5355 6225 8000

Chalet Nic. Rollinger Neihaischen: LU30 1111 0294 1322 0000

Lëtzebuerger Guiden a Scouten a.s.b.l.: LU08 0100 7201 3325 0550